COMMUNE HELPERKNAPP

REGISTRE AUX DELIBERATIONS DU CONSEIL COMMUNAL

Séance publique du 25 juin 2020;

Publication et convocation des conseillers: 18 juin 2020

Présents: Conrad Frank, bourgmestre
Vosman Joske, Bisenius Jean-Claude, Noesen Henri, échevins
Mangen Paul, Eicher-Karier Christiane, Mathekowitsch Claude, Baus Ben, Gieres-Deitz Sylvie, Ludwig Patrick, Gengler-Valmorbida Laurence, Gilles Losch, Erpelding Serge, conseillers

Absents (excusés) : /

Rapport complémentaire au registre aux délibérations :

Organisation scolaire :

D'Conseilleren Christiane Eicher-Karier, Claude Mathekowitsch, Patrick Ludwig a Serge Erpelding hu folgend Froen zum Punkt 2 vum « Ordre du jour » :

- *De « plan de prise en charge », deen de Gemengerot geschéckt kritt huet, enthält keng Nimm ?*

De Jean-Claude Bisenius erkläert datt de Schäfferot bewosst de « plan de prise en charge » net komplett un de Gemengerot verschéckt huet, dëst aus Respekt virun de Vertraulechkeetsinformatiounen déi dëst Dokument enthält.

Am « plan de prise en charge » stinn d'Nimm vun de Kanner an eventuell Erkankungen vun dësen. De Schäfferot ass der Meenung datt et hir Pflicht ass ze vermeiden dat vertraulech Informatiounen muttwëlleg verbreet ginn.

Ausserdeem mierkt de Jean-Claude Bisenius un, datt et fir kee Member aus dem Gemengerot eng « plus-value » gëtt dëst Dokument mat allen Informatiounen ze kréien, ausser fir de Virwëtz.

- *Wien huet de Paul Mangen als Präsident vun der Schoulkommissioun ofgeléist ?*

De Frank Conrad informéiert, datt de Buergermeeschter d'Office Präsident vun der Schoulkommissioun ass, sou steet et am Gemengegesetz.

- *Ass d'Schoulkommissioun aberuff ginn fir iwwer d'Rentrée 2020/2021 ze befannen ?*

Et ass eng Schoulkommissioun aberuff ginn, alleguer d'Memberen aus der Kommissioun sinn invitéiert ginn, de Schouldirekter Patrick Merges inclus, sou de Frank Conrad.

Propose Action de Solidarité:

D'CSV Helperknapp proposéiert Bongen am Wäert vun 20,00€ pro Awunner an Tranchen vun 5,00€ ze verdeelen. Vu datt d'Awunnerzuel bei knapp 4.500 läit, wieren et ronn 90.000,00€.

De COVID-19 huet eis all onerwart erwëscht, sou dat keng speziell Kreditter virgesi sinn, a virun allem keng 90.000,00€ sou de Frank Conrad.

Et handelt sech ëm eng gutt Initiative fir déi d'Mesuren awer musse gewëssenhaft ausgeschafft ginn, dofir gëtt eng Aarbechtssitzung mam ganze Conseil aberuff.

De Jean-Claude Besenius freet wéi et ka sinn dat CSV Helperknapp Propositiounen era gëtt ? De Patrick Ludwig seet datt et keng Roll spillt wéi se sech nennen.

D'Gemeng Helperknapp fonktionnéiert nom Majorz an net nom Proporzsystem an dat nach bis 2023 sou de Frank Conrad.

Règlement d'ordre intérieur:

Wéini gëtt dee vum aktuelle Schäfferot sou oft gefrote ROI – Règlement d'ordre intérieur fir de Gemengerot souwéi och fir d'Kommissiounen de Memberen aus dem Gemengerot presentéiert?

De Schäfferot schafft aktuell un deene verschiddenen ROI'en, soubal se prett si, wäerten se och am Gemengerot virgestallt ginn, sou de Frank Conrad.

D'Christiane Eicher-Karier rappelléiert dat deen aale Schäfferot zwou Versioune fäerdeg hat, awer ni d'Chance kritt huet fir dës ze proposéieren.

Et ass laang no den ROI'e gefrot ginn awer ni eppes Konkretes un d'Memberen aus dem Gemengerot geschéckt ginn. Wat déi zukünfteg ROI'en vum aktuelle Schäfferot ugeet sou ass dem Frank Conrad senger Ausso nach bäizefügen, datt de Schäfferot wéinst der sanitärer Kris bedéngt duerch de COVID-19 aner Prioritéite hat.

Travail des étudiants:

D'Gemengeréit, Christiane Eicher-Karier, Claude Mathekowitsch, Patrick Ludwig a Serge Erpelding froen ob dëst Joer Studenten agestallt ginn an ob de Beachdrëf 2020 organiséiert gëtt.

De Schäfferot stellt fir de Summer Studenten an, déi sinn och schonn ugeschriwwe ginn, de Beachdrëf wäert dëst Joer awer ausfale well de Risque ze grouss ass.

Démission des commissions:

Wéi verlafen d'Validatiounen vun den Demissiounen am Gemengerot ?

Déi Fro kéint een am ROI festhalen, u sech ass d'Gemeng verpflicht déi dräi Haaptkommissiounen ze validéieren, « Integratiounskommissioun », « Schoulkommissioun » a « Loyerskommissioun », sou de Frank Conrad.

Fête Nationale :

De Claude Mathekowitsch fënnt et traureg dat d'Gemeng dëst Joer näischt fir de Nationalfeierdag organiséiert huet.

De Frank Conrad weist drop hin datt d'COVID-Kris nach net ausgestanen ass, wa sech d'Situatioun rem normaliséiert huet, wäert eppes fir eis Bierger organiséiert ginn awer bis dohi maache grouss Veranstaltunge kee Sënn.

De Conseiller Gilles Losch an de Schäffen Jean-Claude Bisenius sinn der selwechter Meenung.